



Grand-Duché de Luxembourg  
**ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG**

**Jean-Louis Gindt**

Chef de groupe du EHTK

jean-louis.gindt@education.lu

**Éischt Hëllef Team Kolléisch**

Schüler hëllef Schüler - zënter 1998



**Séance académique vum 29. Abrëll 2019**

Här Marc Michely vum Educatiounsministère,  
Madamm Monique Putz vum Gesondheetsministère,  
Dir Dammen an Hären Direkteren aus de verschiddene Lycéeën an dem CGDIS  
Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus den 18 Lycéeën,  
Léif Invitéeën,  
A virun allem Léif Schüleriinnen a Schüler.

Et ass mer eng grouss Freed an Éier dat 20järegt Bestoe vun eisem Éischt Hëllef Team Kolléisch mat iech ze feieren. Zanter 15 Joer sinn ech selwer mam EHTK verbonnen: an der Zäit als Professor an enker Zesummenaarbecht mam Henri Mousel, dem 1. Gruppechef, an zanter senger Pensionéierung 2014 als Responsabelen, zesumme mat menger Kolleegin Myriam Gessner.

No 2012 an 2014 begéine mer eis haut op dem 3. Éischt Hëllef Dag, dee mir als EHTK organiséieren. Op dësem Éischt-Hëllef Dag 2019 huet sech och laangjäreg Wonsch erfëllt:

1. En Iwwerbléck kréien, a wat fir enge Schoulen et nach esou en Éischt Hëllef Team gëtt, wéi hei am Kolléisch a mat de Responsabelen a Kontakt trieden. Kee Ministère a keng Schoul hat bis elo esou en Iwwerbléck.  
Op Grond vun engem Bréif, dee mäi fréieren Direkter Jos Salentiny am Juni 2018 un all Direktiounen vun alle Lycéeën geschéckt huet, konnten sech eng 1. Kéier de 16. Oktober 2018 um World Restart a Heart Day Responsaler aus 8 Lycéeën treffen, fir eng 1. Begéinung an en 1. Austausch.
2. Niewent dem Austausch vun de Responsabelen, war mer awer och d'Begéinung vun de Schüler-Secouristen aus dem Land wichteg. Esou hu mer de 16. Oktober zesummen decidéiert, haut, den 29. Abrëll 2019 en Éischt-Hëllef Dag mat nationalem Charakter, also den 1. Nationalen Dag vun der Éischer Hëllef an de Lycéeën z'organiséieren. Déi verschidden Teamer waren och spontan bereet, selwer en Atelier rondrëm d'Éischt Hëllef z'organiséieren. Et freet mech, datt och de CGDIS sech aktiv un dësem Dag bedeelegt huet. Iwwer d'Begéinung an den Austausch, ass dësen Dag och en Dag vu Weiterbildung an der Éischer Hëllef.
3. Haut begéinen sech eng 185 Schüler aus 18 Lycéeën, 12 vun hinnen hunn en Éischt Hëllefteam an hirer Schoul. Doniewent sinn nach 6 Lycéeën vertrueden, déi zum Deel och mat Schüler hei sinn a plangen esou en Team an hirer Schoul op d'Been ze setzen.

Virun 20 Joer huet mer als EHTK zesumme mat der Direktioun an den engagéierte Schüler alles erfanne missen. Et ass e Modell lues a lues gewuess, deen dir esou wuel an eiser Brochure noliese kënn an elo nach a ville Facette presentéiert kritt. Eise Modell passt hei an de Kolléisch. Aner Schoulen dierfen sech gären un eisem Modell inspiréieren, müssen awer



Grand-Duché de Luxembourg  
**ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG**

**Jean-Louis Gindt**

Chef de groupe du EHTK

jean-louis.gindt@education.lu

**Éischt Hëllef Team Kolléisch**  
Schüler hëllef Schüler - zënter 1998



**Séance académique vum 29. Abrëll 2019**

kucken, wéi si dat an hirer Schoul ëmsetze kënnen, esou datt et fir si mat hire Méiglechkeeten a Situatioune passt, well all Schoul ass jo anescht.

“Schüler hëllef Schüler” ass eise Motto. Et geet ëm Éischt Hëllef leeschten, do wou se gebraucht gëtt. An de leschten 20 Joer waren 218 Jonker als Secouristen am Team aktiv. Eng ganz Rei vun hinnen hunn haut e Beruff am Gesondheitswiesen.

Reegelméisseg hu mir och an Zesummenaarbecht mat der Croix-Rouge an neierdénge mam CGDIS Éischt Hëllef Coursen organiséiert, un deenen an de leschten 20 Joer 747 Schüler an Erwuessener deelgeholl hunn, déi selbstverständlech net all aktiv Membere vum EHTK gi sinn. An de leschte Joren hate mer ëmmer 50 bis 60 Leit, déi hire Certificat an der Éischter Hëllef kritt hunn. Dëst Joer sinn et der just 37, obschonn der 50 ageschriwwen waren an obwuel den Éischt Hëllef Cours vun 28 Stonnen op 16 Stonnen erfro gesat gouf.

Dat hänkt un deem neie System, mat deem de CGDIS déi Coursen organiséiert. E Cours ass op 25 Leit limitéiert, dat mécht wuel Sënn, mä wann een 1 Kéier feelt, kritt ee kee Certificat. Leider besteet och keng Méiglechkeet de verpasste Cours nozehuelen. Et muss een dann dee ganze Cours vu 16 Stonnen nohuelen a wann een dann erëm krank gëtt, ass nees Schluss. Do mussen déi Verantwortlech vun CGDIS sech eng afale loosse, well dat kann net sinn! Et wäerten ëmmer Leit ginn, déi aus deem engen oder anere Gronn mol an engem Cours net present wäerte sinn. Duerch dee realitéitsfremde System ass dem EHTK och op d'mannst 1 neien aktive Member verluer gaangen, well ee fir bei eis Secourist kënnen ze ginn, eben en ofgeschlossenen Éischt Hëllef Cours muss hunn.

Eng 2. Kritik, déi ech hei formuléiere muss, ass d'Affär vum Präis fir d'Éischt Hëllef Coursen. Et ka jo wuel net sinn, datt eng Schoul neierdénge muss 1700€ bezuelen, fir en Éischt Hëllef Cours ugebueden ze kréien. De Muséksunterrecht soll gratis fir jidderee sinn, den öffentlechen Transport och, awer d'Schoule solle bezuelen, wann si hire Schüler, hire Professoren oder hirem Personal en Éischt Hëllef Cours ubidde wëllen!? Do mussen d'Ministèren an d'Regierung sech eng afale loosse, well dat kann definitiv net sinn!

Als EHTK hate mer do mam CGDIS en Ëmwee fonnt fir laanscht déi 1700€ ze kommen. Eise Cours, deen hei am Kolléisch ofgehale gouf, gouf um Site vum CGDIS ausgeschriwwen a jidderee konnt sech umellen, selbstverständlech och eis Schüler. An dofir huet de Cours eis näischt kascht. Am Plaz am Numm vun der Croix-Rouge huet eisen Instrukter dunn de Cours am Numm vum CGDIS gehalen. Perséinlech kann ech mat deem Deal liewen.

Éischt Hëllef soll a misst jidderee leeschte kënnen. Éischt Hëllef ass eng net-medezinesch Hëllef, déi Persounen an ongléckleche Lagen zegutt kënnt. Doriwwer eraus sinn et liewensrettend a gesondheetserhalend Direktmosnamen, déi vu jidderengem bei medezineschen Noutfäll ugewannt kënnen ginn. Et geet drëm, déi dräi éischt Glidder vun der Rettungsketten z'assuréieren an dat besonnesch am Fall vun engem Otem- oder Kreeslafstëllstand. Hei zielt all Sekonn.

An deem Punkt verweisen ech gär op déi exzellente Zesummenaarbecht, déi mer zanter 10 Joer mat dem Luxembourg Resuscitatioun Council, der LRC hunn. Dee Modell fir mat der MiniAnne Reanimatioun op 6e, 4e an 2e ze trainéieren, mat deem mir zanter 2009 hei am



Grand-Duché de Luxembourg  
**ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG**

**Jean-Louis Gindt**

Chef de groupe du EHTK

jean-louis.gindt@education.lu

**Éischt Hëllef Team Kolléisch**  
Schüler hëllef Schüler - zënter 1998



**Séance académique vum 29. Abrëll 2019**

Kolléisch gutt Erfarunge gesammelt hunn, gëtt elo mam Projet "Réagis au Lycée" an alle Schoulen ëmgesat.

Duerch d'LRC konnte mir och 3 mol op engem Kongress vum European Resuscitaioun Council, der ERC deel huelen an 2 mol e Poster iwver de Projet Reanimatioun hei am Kolléisch an 1 Poster iwver eisen Asaz beim ING Night Marathon presentéieren. Beim Marathon hate mer schonn als "First Responder Reagis um Vëlo" eng gutt Zesummenaarbecht mat Secouristen aus dem LGL an dem LTPS.

An der Schoul si mer awer ganz seele mat liebensbedrolege Situatiounen konfrontéiert, Sportverletzunge kommen awer scho vir, vill méi heefeg sinn awer méi kleng Boboen, déi maachen, datt Schüler an och mol Professeren oder Schoulpersonal an d'Infirmierie kommen: Bauchwéi, Kappwéi, Iwwelzegkeeten a kleng Wonne maachen iwver d'Halschent vun eisen Asätz aus. Méi wéi 80% vun alle Schüler, déi an der Infirmierie passéieren, kënnen an der Schoul bleiwen. Vun deenen anere ginn déi meescht vun den Elteren ofgeholl a fir eng Rei muss eng Ambulanz geruff ginn.

Dëst Schouljoer si 37 Schüler vu 7e bis 1ère am EHTK als Secouristen aktiv. 4 vun hinne sinn op Première a mer konnten och 4 neier ausbilden.

Am EHTK geet et awer net nëmme just ëm Éischt Hëllef, et ass e phantastesche pedagogesche Projet. Ech selwer sinn Enseignant, ech si keen Ambulancier a kee Pompjee. Eisen Internetsite an och eisen Intranet, iwver dee mer all Asaz an engem Bericht notéieren, gouf vun eise Secouristen entwéckelt. Eis Facebooksäit an eisen Instagram Account verdanke mer der Initiativ vun eise Schüler. Am Team ginn déi Jonk an hirer Autonomie, Selbststännegkeet a Philanthropie gestärkt. Hiren Initiativgeescht gëtt am Sënn vum Benevolat gefërdert a si léieren Entscheedungen huelen a Verantwortung droen.

Vun dësem pedagogesche Projet si bis elo 18 Schoulen ugesprach, déi haut op dësem "1. Nationalen Dag vun der Éischer Hëllef an de Lycéeën" vertrauden sinn. Dat ass einfach phantastesch.

Zum Ofschloss ass et mer wichteg eng Rei Mercien auszesprieche:

E Merci eiser Direktioun, déi vun Ufank un den EHTK voll ënnerstëtzt huet an dat weiderhi mécht, och, wann d'Direkteren am Laf vun den 20 Joer gewiesselt hunn.

E Merci allen Ënnerstëtzer aus dem Comité de Patronage, den Annonciateuren an eise 50 Membres honoraires fir déi finanziell Contributiounen.

E Merci mengem fréieren Direkter, Kolleg a Frënd Jos Salentiny fir déi vill Aarbecht bei der Realisatioun vun der Brochure fir eis 20 Joer EHTK.

E Merci alle Professeren aus de Kolléisch, fir hiert Versteesdemech, wann eis Secouriste matten hirem Cours gepiipst ginn an de Sall stënterlech verloossen oder wéinst engem Asaz ze spéit an hire Cours kommen.

E Merci mengem Virgänger, dem Henri Mousel, vun deem d'Myriam Gessner an ech e super organiséiert Team iwverholl hunn.



Grand-Duché de Luxembourg  
**ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG**

**Jean-Louis Gindt**

Chef de groupe du EHTK

jean-louis.gindt@education.lu

**Éischt Hëllef Team Kolléisch**

Schüler hëllef Schüler - zënter 1998



**Séance académique vum 29. Abrëll 2019**

E grouse Merci allen 218 aktive Secouristen aus de leschten 20 Joer fir hire phantasteschen Asaz. Si sinn d'Éischt Hëllef Team aus dem Kolléisch!

E leschte Merci geet un iech all, déi dir haut op dësem 1. nationalen Dag vun der Éischer Hëllef an de Lycéeën hei sidd. Mat ärer Präsenz weist dir är Sympathie an är Ënnerstëtzung fir dëse Projet.

An deem Sënn hoffen ech, datt vläicht eng aner Schoul d'Initiativ iwverhëlt an datt mer eis all op engem 2. Nationalen Dag vun der Éischer Hëllef an de Lycéeën erëm gesinn.